

EUROPÄESCH MOBILITÄITS WOCH


16.–22. SEPTEMBER




Wourëms geet et?

Zënter 2002 hëlleft d'**EUROPÄESCH-MOBILITÉITSWOCH**, kuerz genannt och d'EMW, d'Gesondheet an d'Liewensqualitéit vun der Populatioun duerch eng méi propper an nohalteg Mobilitéit ze verbesseren. Dës Campagne vun der Europäescher Kommissioun fënnt all Joer vum

16. op den 22. September statt a bitt Gemengen a ganz Europa d'Geleeënheet mat neien Iddien ze experimentéieren an hire Bierger ze weisen, datt nohaltegen, propperen Transport net nëmme Spaass mécht, mee och am Alldag einfach ëmzesetzen ass.



2



Maacht mat!

Während der EMW kënn Dir Ären Awunner weisen mat wéi engen Eraus-fuerderunge Gemenge konfrontéiert sinn, an hinne Mobilitéitsalternativen präsentéieren. Esou weist Dir Äre Bierger net nëmme datt d'Ëmwelt an d'Liewensqualitéit lech wicteg ass, mee schafft esou zesumme mat anere Länner a Gemenge fir d'nohalteg Mobilitéit

an Europa dauerhaft ze verbesseren. D'EMW steet all Joer ënnert engem anere Motto, deem d'Opmierksamkeet op déi verschidden Aspekter vun der nohalteger Mobilitéit lenkt. Sief et d'Ekonomie, d'Multimodalitéit oder d'Barrièrefräiheet: d'Thema vum Joer ass en Impuls fir Diskussiounen, Aktiounen a Veranstaltungen.




3

Plaz fir Auszprobéieren

Eng nohalteg Mobilitéit kann lech Denksteiss gi fir Léisunge fir vill grous Erausforderunge vum 21. Joerhonnert ze fannen. Dat gëllt esouwuel fir grous Stied, wéi och fir kleng Dierfer! D'Liewensqualität vun enger Uertschaft hänkt weesentlech vun Ëmweltfacteuren wéi Loftqualität a Kaméidi of. Natierlech spillen awer och Stau, Accidenter,

Gesondheetsproblemer an d'Verdeelung vum ëffentleche Raum tëscht Mënsch an Auto eng grous Roll. Genau hei kann en nohaltegt Mobilitéitskonzept Léisunge bidden, déi net nëmmen de Klimaschutz férdere, mee och der Attraktivitéit vun Ärer Gemeng gutt dinn. Duerch d'EMW kritt Dir eng gutt Geleeënheet fir zesumme



mat Ären Awunner innovativ Verkéiersléisungen auszprobéieren oder kreativ Iddien ëmzesetzen. Esou kënt Dir zum Beispill Parkplazen oder ganz Stroossen fir d'Autoe spären a kucke wéi een dee Raum anescht fir de Mënsch notze kéint, nei Fouss- a Vëlosweeër aweien, Elektroautoen oder speziell Vëloen testen, Schüleraktiounen

duerchféieren, de Kanner e séchere Wee fir an d'Schoul weisen, oder aner interessant Moosname fir de Klimaschutz am Verkéier testen. Während der EMW kënt Dir all dëst iwwert eng kuerz Zäit auszprobéieren a kucke wat fir Resultater dës Iddien bréngen an esou Feedback sammelen ouni datt Dir direkt eppes Grousses dauerhaft ëmsetze musst.



Sech austauschen a kenneléieren



Et gëtt eng Hellewull u kreativen an innovativen Iddien an Aktiounen, déi ee fir d'EMW organiséiere kann. Dir musst lech se awer net ganz eleng afale loossen! Wann Dir bei der EMW matmaacht, gitt Dir Deel vun enger europawäiter Communautéit a kënnt lech esou mat anere Gemengen aus Lëtzebuerg, Europa an der Welt austauschen an lech géigesäiteg inspiréieren. Duerch reegelméisseg Treffen zu Lëtzebuerg, kënnt Dir mat anere Gemengen iwwee konkret Iddien a Problemer diskutéieren, an esou zesumme Léisunge fanne fir Är Ziler ze realiséieren.

D'EMW verbënnt awer net nëmme Gemengen ënnerteneen, si bréngt lech och méi no un motivéiert Awunner, déi oft kreativ a sënnavoll Virschléi maache kënnen. D'Campagne ass zudeem e gudden Kader fir Äre Progrès mat der Press a lokalen Acteuren ze deelen, an Är Gemeng europawäit an d'Vitrinn ze stellen. All Joer stellt d'Europäesch Kommissioun e Best Practice Guide zesummen an zeechent déi beschte Stied a Gemenge mat engem Präis aus.


Gutt Grënn fir deelzehuelen

D'EMW ass eng Opportunitéit fir d'Mënschen a Kontakt ze bréngen, d'Thema nohalteg Mobilitéit an de Fokus ze setzen an nei Iddien ungestoussen. Gemengen déi matmaachen:

- 1** Kënnen sech als innovativ a modern presentéieren andeems se d'ës wichteg Zukunftsthema ugin
- 2** Betounen dat lokaalt Engagement fir nohalteg Mobilitéit
- 3** Huele Kontakt mat anere Gemengen, Verrieder an Acteuren an bilden esou Synergien
- 4** Bréngen hiren Awunner verschidden Initiativen méi no a weise wisou se ëmgesat ginn
- 5** Stärken d'Bewosstsinn vun hiren Awunner fir Alternativen zum Privatauto ze fannen a weisen, wéi d'ës d'Liewensqualität an der Gemeng erhéije kann
- 6** Kënnen innovativ Iddien testen, verbessern an duerno dauerhaft ëmsetzen
- 7** Verbesseren d'Attraktivitéit vun hirer Gemeng
- 8** Kréien Ënnerstëtzung mat der Organisatioun a Promotioun vun hiren Aktivitéiten an Aktiounen
- 9** Profitéiere vun enger gréisserer Presenz an der Press, déi d'EMW all Joer thematiséiert
- 10** Kënnen un Workshops, Konferenzen a Reuniounen deel huelen
- 11** Inspiréieren sech u lëtzebuergeschen an europäesche Stied a Gemengen a kënnen selwer europawäit zu enger Referenz fir aner ginn

All Gemeng ka matmaachen

All Gemeng an Europa kann un der EMW deelhuefen – egal wéi grouss oder kleng se ass. Bei der Campagne geet et net ëm Awunnerzuelen, mee eenzeg an eleng ëm de Wëllen sech fir déi nohalteg Mobilitéit anzesetzen an hir besonnesch Opmierksamkeet ze schenken.



8




9

Déi dräi Voleten vun der Campagne

Fir datt esou vill wéi méiglech Gemengen deelhuele kënnen, sinn d'Aschreiwungsbedéngunge ganz einfach. Esou geet eng eenzeg "Aktioun", déi d'nohalteng Mobilitéit

fërdert schonn duer fir bei der EMW matzemaachen. Et ginn dräi verschidde Voleten vun der Campagne, Dir musst u **mindestens engem eenzegen** deel huele fir lech anzeschreiwen.



10

1. Aktivitéiten während der Woch

Et ginn etlech Aktivitéiten déi Dir tëscht dem 16. an dem 22. September organiséiere kënnt: Mobilitéitsfester, begleeten Trëppelweeër, Schnitzeljugten, Molconcoursen, Verdeelee vu Kaffiskichelcher un d'Buspassagéier, Spiller oder awer och eng fachlech Liesung oder Konferenz zum Thema Mobilitéit. Eng laang Lëscht mat villen Iddie fannt Dir op mobilitetswoch.lu

oder wiert lech Beispiller vun anere Gemengen. Hei bitt sech och d'Geleeënheet mat Veräiner oder Schoulen zesummen ze schaffen, an esou Initiativen zesumme mat Ären Awunner ze realiséieren. Wann Dir souwisou schonn eppes an der Woch geplangt hutt, kënnt Dir lech ouni Weideres fir d'EMW aschreiwen!



11

2. Permanent Mesuren

Dir kënnt och un der EMW deel huelen, wann dir eng "permanent Mesure" aweit, déi de Mënschen hëlleft sech méi nohalteg fortzebeweegen. Dës Mesure mussen net vill kaschten: oft hunn ganz simpel Iddie schonn eng grouss Wierkung. Si sollen de Foussgänger, Vëlosfuerer an den ëffentlechen Transport oder d'Barrièrefräiheet ënnerstëtzen. Nieft Infrastrukturmoossnamen,

wéi d'Verbreedung vum Trottoir, neie Vëlosweeër a –stänneren, Zebrasträifen oder Busspueren, zielen awer och Mesure wéi Vitesslimitatiounen, eng nei Schoulweeplanung oder d'Ausschaffe vu Kommunikatiouns- a Bildungsmaterial zum Thema. Esou kënnen och Mesuren déi Dir am Laf vum Joer schonn ëmgesat hutt fir d'EMW wichteg sinn, esou laang Dir se wärend der Woch aweit, nach emol virstellt oder Reklamm dofir maacht.

3. Autofräien Dag

Organiséiert en "Autofräien Dag" a maacht eng Haaptstrooss fir d'Foussgänger, d'Vëlosfuerer an den ëffentlechen Transport op! Dat heescht d'Autoe bleiwen deen Dag dobaussen an Dir kënnt Ären Awunner verdäitliche wéi flott a sécher ëffentlech Raim ouni Autosverkéier sinn. Esou een Dag gëtt am beschte vun aneren Aktiounen begleitet, wéi zum Beispill engem Mobilitéitsfest oder Aktiounen mat Veräiner a Schoulen.

Maacht aus enger Haaptstrooss eng riseg Spillplaz, loosst d'Kanner de Buedem mat Kräid verschéieren oder stellt Still an Dëscher op a loosst lokal Museker optriede fir datt d'Leit e schéinen Dag verbréngen kënnen. Idealerweise sollt den Autofräien Dag um traditionellen Datum, den 22. September, stattfannen, mee en kann awer och op engem aneren Dag vun der EMW gehale ginn.





Auszeichnungen a Präisser

Eng Gemeng déi an deenen dräi Voleten vun der EMW aktiv ass, kritt den Titel "Golden City". Als esou eng gëlle Gemeng kënn Dir lech fir den EMW Award umellen. Dëse Präis gëtt an zwou Kategorie verdeelt: ee fir Gemengen ënner 50.000 Awunner an ee fir Gemengen iwwer 50.000 Awunner. D'Europäesch Kommissioun verdeelt de Präis all Joer zu Bréssel. D'Gewënner

profitéiere vun engem professionnelle Promo-Video deen déi formidabel Aarbecht vun der Gemeng an d'Vitriinn stellt. Dëse Video gëtt europäesche Vertrieeder gewisen an och kräfteg an de soziale Medien gedeelt. D'Gewënner sinn da selbsterständlech och am Best Practice Guide fir nohalteg Mobilitéit erëm ze fannen.

Esou mellt Dir lech un

Fir d'EMW mellt Dir lech einfach online iwwer www.mobilitetswoch.lu un. Dir kënn lech ëmmer nees aloggen an Är Umeldung nodréiglech bearbechten. Och wann een dëst bis Enn September maache kann, ass et natierlech besser Dir finaliséiert Är Umeldung an Äre Programm esou séier wéi méiglech. Dir wíelt eng Persoun, déi als lokale Koordinator optrëtt an sech en Login

erstellt. Dës Persoun wäert dann och invitéiert ginn fir un nationale Reunioune deelzehuelen an gëtt den Haaptkontakt vun Ärer Gemeng fir d'Organisatioun vun der EMW.

De Login vun Ärer Gemeng bleift all Joer d'nämmlech, och wann de lokale Koordinator wiessele sollt!



Äre Kontakt zu Lëtzebuerg

De Verkéiersverbond ass Ären nationale Koordinator zu Lëtzebuerg. Hei fannt Dir Ënnerstëtzung fir d'Organisatioun, d'Promotioun an d'Umeldung vun Ärer Mobilitéitswoch. De Verkéiersverbond organiséiert verschidde Konferenzen a Reuniounen am Joer a stellt lech en

online Tool zur Verfügung fir datt Dir lech mat anere Gemengen austausche kënnt. All Joer kritt Dir och Flyeren an nohaltege Gadgets geschéckt, déi Dir wärend Ären Aktivitéite vum 16. op den 22. September verdeele kënnt.

Verkéiersverbond

4, rue Charles Bernhoft
L-1240 Luxembourg

26 86 57 – 1

emw@verkeiersverbond.lu



August 2020

#MobilityWeek

www.mobiliteitswoch.lu



verkéiers
verbond

